



Ech léiwen/lieben Dech?

A jidfer Sprooch gëtt et eppes ganz Wichteges: Hir sougenannt **„Authenticitéit“**. Och an eiser. Deen een huet Gefill dofir, deen anere nun emol net; op d'Manéier wéi ee ‚musikalesch‘ ass oder net. Datselwecht begéint ee beim Gefill fir Rhythmus, also Takt. Beim Militär hu mir déi ‚Motorlouis‘ genannt, déi einfach net am Schrack goe konnten. An eise Fall kënnt mir bal vu **„Sproochlouis“** schwätzen; vläicht och esouguer dovun, datt een et ‚an der Panz‘ huet... oder net, pardon.

vum Lex Roth



De ‚lëtzebuergesche‘ Gebrauch (léiwen) vum däitsche Verb ‚lieben‘, fanne mir just eng eenzeg Kéier am Geschriwwenen, an zwar beim Dicks an senge ‚Rousen an der Stad‘: *si sinn all wert, geléift ze ginn* (aplaz *si sinn all wert se gär ze hunn*, wat rhythmesch a reimméisseg iwregens gutt era gepasst hätt)... dat huet beim Dicks ower en etlech Ursaachen: den Edmond de la Fontaine war ä.a. och zu München op der Uni an huet sech do Virbiller/Stuele fir seng ‚Vaudevillen‘ eragezun, och geschriwwen, wouwéint hien **net (Contraire vum Michel Rodange!) als dat bescht Beispill fir eis Sprooch ka gehol ginn**. Mir fannen an eiser Sprooch och nach de queeschen Ausdröck ‚du kanns mech lieben‘, fir ze soen ‚du kanns mir de Bockel eroflafen. Fir zolitt ‚Eises‘ sinn nun emol de ‚Reenert-Méhel‘, de Lentz, den Nik.Welter, den Demy Schlechter (a säi Jong, de Pe‘l), de Siggy vu Lëtzebuerg, de Marcel Reuland, den Tit Schroeder, de Jos Keup, de Pir Kremer, den Alain Atten, den Nic. Hein, den Henri Rinnen asw. gutt ‚Stuelen‘.

„Ech lieben Dech“ ass ganz einfach eng TV- oder Handy-Bloder, déi laanscht eisen normale Sproochgebrauch geet... mat Sécherheet näischt an engem lëtzebuergeschen Dictionnaire verluer huet. Iwregens ass eise Sproochgebrauch mat ‚ech hunn Dech gär‘/‚ech si frou mat Dir‘ fir dat schéint Gefill typesch EISES. Eierlech: ass dat net méi ‚waarm‘ wéi dat Verb aimer ‚amare‘ lieben, to love... ower et ass méi ‚verhalen‘, e bèsse ‚schimmeg‘, kënnt ower dofir net manner vu bannen!

Hei komme mir ower direkt bei **e grouse Problem fir eis gutt Leit, déi um LOD, dem „Online-Dictionnaire“ schaffen**: Si sinn alleguer (ee Gléck) relativ jonk. Dat bréngt bal automatesch mat sech, datt e groussen Deel vun eiser ‚Schwätz‘, dee méi wéi 50 Joer al ass, hinne plazeweis vläicht ‚vereelt‘ virkënnt. Dat kann ee verstoen, ower et ass bei hiner Fonctioun nun emol en Nodeel; doduerch **fale wierklech vill aktuell Ausdréck an de Papeierkuerf, an et ginn der eragehol, déi mir net brauchen**, well mir eiser dofir hunn.

Ech hunn déi Leit zesoen alleguer kann, déi sech an der Zäit an der Commissioun vum ‚Luxemburger Wörterbuch‘ ausgetosch hunn. Do waren der vu 40-50-60-70 Joer dobäi... an de Robert Bruch (an déi 30Joer!) jo nach laang net dee Mannsten. Dofir kann een et bedauern, datt dësen Dictionnaire beim LOD keng ‚iwverdriwwe‘ Roll spillt, oder esou niewelaanscht als ‚unter anderem‘ gebraucht gëtt. Dat Ganzt kënnt anescht ugepaakt ginn: Et soll periodesch **eng Lëscht vu Wieder opgestallt ginn, déi entweder „ausgesënnert“ oder bäigesat ginn**. Déi giff da regelméisseg vun engem **Grupp Leit vun alle Joergäng** duerchgeholl a fir an de ‚modernen‘ Dictionnaire erausgewielt. Heimat soll kengem op d'Schlappe getrëppelt sinn... ower e Gespréich wier et bestëmmt dowäert.

Ei!

Huet dir ewell iwverluecht, **wat eis Sprooch alles esou typesch huet, wann et ëm... d'Gladder, d'Gloscht, d'Schlabäizi an de gudde Mäifelche geet?** Esouguer d'Verb nammen an doraus d'Namminamm sinn dach Lëtzebuergesch wéi et net méi ‚gestackt‘ ka sinn... ower, wéi sou dacks denke mir einfach net drun; et ass nun emol méi einfach, ze soen d'Lëtzebuergesch wier en ‚däitschen Dialekt‘, wat sou einfach net stëmmt. Eis Sprooch ass, méi genee gesot, e germaneschen Idiom, sou wéi d'Nidderlännescht an déi skandinavesch Sproochen.

Probéiert dach emol vläicht, déi Genoss-Ausdréck an d'Houdäitsch ze iwersetzen; do kritt dir ‚Krämpes‘... alt erëm esou en Ausdröck, deen dir ëmsoss zu Frankfurt siche gitt. An deem Streech si mir bal alleguer richteg ‚sproochliddereg‘... wat als Ausdröck nees typesch eises ass, sou wéi et mat den Honnerten de Fall ass!

Leider si mir nun emol... Sproochliggerhanessen. ☺

Et wier dach flott...

... wann ee sech mat de Frënn kënnt iwver eis Sprooch eens ginn, **deenen hirt „Handwierksgeschier“ si nun emol ass**. Just eisen nationale Radio an d'TV kënnten déi bescht ‚Unzéckerten‘ op der Juegd no komplett däitschen Ausdréck an Ausdröckweise sinn. **D'Lëtzebuergesch ass nun emol keen „eriwwegequëtschent“ Houdäitsch**... wat iwregens glat näischt mat enger Schudder géint dem Goethe oder dem Thomas Mann hir wonnerbar Sprooch ze dinn huet!

Firwat solle mir keng **kleng Lëschte mat Ausdréck opstellen**, déi ëmmer erëm an d'Schwätz vu Journaliste rutschen. Beispill: Mir weisen näischt ‚un‘; mir weisen eppes oder ‚op‘ eppes... net wichtig? Mä da sot emol am Franséschen, dir wiert ‚sur Paris‘ gefuer‘, oder dir gengt iech ‚à xyz erënnere‘; dat Verwurrele vun deene ‚Konjunktione‘ kascht beim Fach an der Schoul vill Ponkten, an zwar och am Engleschen. Mir hëllef ganz gär, déi Haaptknäzelen zesammenzeschreiwen an d'lëtzebuergesch Spezifitéit ze ënnersträchen... **wann et da sollt gewënscht sinn**... jo, ‚wann‘.

Ënner-/uwer-/ausserhalb

Déi dräi Ausdréck – **eeriicht aus dem Houdäitschen** – hunn nun emol keng Plaz an eiser Sprooch... well déi do besat ass: *ënnendrenner / ueweneriwwer, uwendriwwer / bausst, baussent*. Fir d'Saach méi verständlech ze maachen: *untendrunter, obendrüber, baussen*, gëtt et jo och am Däitsche guer a glat net. Fir et nach méi einfach ze soen: **Mir hu keng Wieder mat der Schlussilb -halb**.

Mat direkte **Beispiller** kann een dat nach méi kloer maachen: Clausen läit ënne beim Kierchbiere (aplaz ‚ënnerhalb vum K.‘); ëmgedréint: de Kierchbiere läit uewent Clausen; de Bambësch ass bausst (baussent) der Stad. Et kënnt ee liichtfank e ganze Kuerf Beispiller mat Wieder bréngen, déi esou eng Positioun/Lag bestëmmen: probéiert emol mat ‚baussenerëm‘, ‚bannenan‘, ‚bannendran‘, ‚uewenzeg‘, ‚hannelaanscht‘, ‚vir(er)laanscht‘, ‚bannewänneg‘... dat giff e flotten Exercice fir an e Lëtzebuergesch-Cours. ☺

Héichprozenteg EISES!

Mir hunn **eng Lëscht, esou laang, wéi en 8-Auer-Zuch‘ mat Wieder, déi nun emol eiser sinn**; et giffen der ower bestëmmt nach méi, wann eng gutt Séil sech giff druginn, de ganzen ‚alen Dictionnaire oder de LOD systematesch no dëser Ausdréck ze duerchsichen. An deenen nächsten Nummere vun eiser KLACK fannt dir dann elo eng Dose bis 20 deer Wieder dem Alphabéit no... **vläicht fir erauszeschneiden... oder et als ganz Buch fir e puer € bei der Actioun-Lëtzebuergesch** (fir ären ‚Halo-Effekt‘ ☺) **ze kafen**:

Ää(t)ss	ausdenkeg	bäisiichteg
Aachtchen	baatschen	bäissen (et b. mech)
Aangel (en, eng)	Badetti	Bak (de B. halen)
Abbeejo	bägoen	Bakecht
Abberzuel	bäihuelen	Bakes
Akaul	bäileeën	bannebaussen
arennen	bäisetzen	banenan

Mir invitéieren eis Membren a Frënn
op eis GENERALVERSAMMLUNG,
samschdes, de 25. Mäerz um 15 Auer
zu Izeg an eise Veräinssätz